N°4083
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Duerch d'Demissioun vum Direkter vum Staatslabo uganks dëst Joer gouf an der Press ervirgehuewen, datt et am LNS zu Personalprobleemer komm wier. Donieft hat d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung op meng mëndlech Fro den 20. Januar 2026 drop higewisen, datt 5 Signalementer iwwer d'Whistleblower Plattform *Integrity Line* zënter hirer Aféierung eragereecht goufen. Dat wërft froen op wat d'Changementer um Niveau vum Personal an d'Aarbechtsklima am Staatslabo ubelaangt.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Kéint d'Madamm Minister matdeelen zu wéi vill Licenciementer et zënter 2020 komm ass? Opgeschlësselt no Licenciementer virun an no der Proufzäit.
- Wéi héich ass d'Unzuel vun de Licenciementer an Demissiounen insgesamt zënter 2020, opgeschlësselt no Joer?
- Wéi vill krankheetsbedéngten Absencë goufen zënter 2020 verzeechent? Opgeschlësselt no Absencen ënner dräi Deeg an iwwer dräi Deeg.
- Wéi vill Fäll vu psychosozialen Doleancë goufen zënter 2020 beim Service de Santé au Travail Multisectoriel gemellt? Wéi huet sech d'Unzuel vun dëse Fäll pro Joer entwéckelt?
- Wéi ass d'Unzuel vun dëse Fäll mat vergläichbaren Etablissementer aus dem ëffentlechen Déngscht pro 100 Mataarbechter ze vergläichen?"

Mat déiwem Respekt,

G. Schockmel

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten